August 2008

AECPT Infobliedchen

D'Wuert vum Präsident

Léif Kollegin, Léiwe Kolleg,

Iwert d'CGFP ass un eis Regierung d'Fuerderung no enger säit laangem iwwerfälleger Gehälterrevisioun fir Staatsbeamte gestallt ginn. Ewéi et awer ausgesäit huet eise Premier, den Här Juncker, a sengem Rapport iwwert d'Lag vun der Natioun gemengt do wier näischt ze maachen.
D'CGFP, an domadder och mir, ginn eis awer net domadder zefridden. Affaire à suivre ……

De Präsident
Fernand Lucius

Nei Attributioune vun de Plazen am Art1 (8bis) an Art2 (8)

No laanger Zäit, a villen Interventioune vun eiser Säit, ass endlech eng nei Attributioun vun de Plazen am Art1 (8bis) an Art2 (8) vum Personnalbüro ausgeschafft ginn.
Dës nei Verdeelung vun de Plazen, di op Grond vu villen Ännerungen an eiser Carrière néidesch war – Plazen di net méi ersat goufen, Ëmstrukturéierung vu Postbüroen etc. – ass elo dëser neier Struktur ugepasst ginn.
Festzehalen ass dass eng Op- oder Ofwäertung vun enger Aarbecht, aleng vun dem Chef de Service an dem Personnalbüro festgehal gouf.
Falls ee Member vun enger Ofwäertung betraff ass, heescht dat awer net dass hien doduerch ee finanziellen Nodeel hätt, säi Grad behält een, ausser hie géing sech op eng aner Plaz mellen (wat awer och soss de Fall wier).
Et ass och kee vun eise Memberen deen op een Avancement an engem vun den alen Artikelen duerch dat neit Reglement muss verzichten, well all déi Betraffe schonn dat op hirer aktueller Plaz erreecht hunn.
Interessant ass et awer fir all déi Leit, déi scho länger op enger Plaz mat Verantwortung sëtzen awer näischt dovunner haten – besonnesch op revaloriséierte Postbüroe wou am Circulaire stoung : susceptibles d'être classés dans le cadre fermé.
Selbstverständlech kënnt een Avancement nëmmen a Fro, wann och Memberen a Pensioun ginn, an doduerch, Grader fräi ginn.

Wann dir nach méi wëllt dovunner wëssen, da gitt op äis Internetsäit kucken

Eng Uniform fir Guichetsbeamten

De Comité de Direction huet a sénger Versammlung vum 3. Juli dëst Joer. de Proposen vun eisem Aarbechtsgrupp zougestëmmt a sech fir eng nei Uniform fir Guichetsbeamten entscheed.

Dës Uniform soll virun allem méi elegant bei eisen Dammen a flott a fonktionnel bei den Häre wierken. En Ensembel setzt sech aus folgenden Kleedungsstécker zesummen:

Fir eis Dammen:

eng tailléiert wäiss Blouse (laang oder kuerz Äerm, an onduerchsichtech) mat brodéierten P&T Logo um Koll
e flotten fuerwéchen Foulard (Choix tëschent 2 Modeller)
eng moudesch schwaarz Jackett (Cardigan mat Tirette an Stéikoll), **fir wann et emol méi frësch ass...**

Fir eis Häre:

e flott wäisst Hiem (laang od. kuerz Äerm) mat Broderie um Koll
eng Krawatt (Choix tëschent 2 Modeller)
eng schwaarz Jackett (Cardigan mat Tirette)

Jiddereen kritt fir den Ufank (première mise) **12 Blousen/Hiemer** (6 laang, 6 kuerz) **2 Krawatten / Foularden** an **2 Jacketten.** Et kann een awer zu jidder Zäit nobestellen wann et net soll duergoen. Dono all Joer: 6 Blousen / Hiemer, 1 Krawatt / Foulard an 1 Jackett. D'Uniform muss all Dag korrekt gedroe ginn d.h. fir d'Häre mat der Krawatt a fir d'Dammen mam Foulard. Et ass gut méiglech dass de Service Matériel nach dëst Joër (Dezember) di éischt Kleeder kann ausliwweren. Fotoen vun der neier Uniform fann dir op eisem Internetsite,...kuckt iech se un, a loosst eis äer Kommentare wëssen.

De Späizmännchen

Et ass ëmmer erëm interessant ze gesinn dass an eisem Personalbüro d'Juegd opgaang ass, well erëm een e Bock geschoss huet. Op jidde Fall si se do extrem grousszügeg wat d'Primmen ubelaangt. Nom ausbezuele vun dem Supplément op den Travaux planifiés (20%) hunn déi Betraffen net schlecht gestaunt : esouvill, wow, dat ass jo immens.
Leider war een Hoken dobäi , et goufen 120 % ausbezuelt. Tja, dat ass alt esou eng Sach mam 1 x 1

Association des Expéditionnaires et Commis des P. & T.
Boîte Postale 1155
L-1011 Luxembourg
Tel.: 4765-4231 / 4088-7363
www.aecpt.lu

Nächst Infobliedchen esoubal mir eppes Neies matzedeelen hunn